

AKABO · FAIR FASHION LUXEMBOURG

# FAIR FASHION
# LUXEMBOURG

AKABO

FAIR FASHION

FAIRTRADE COTTON

GLOBAL ORGANIC TEXTILE STANDARD · GOTS

# ABOUT US



FAIRTRADE
COTTON

GLOBAL ORGANIC TEXTILE STANDARD · GOTS ·



## Fair • Transparent • Organic • Personalisable • Personal

Akabo - Äre Partner fir personaliséierbar nohalteg Kleeder zu Lëtzebuerg. FairFashion gëtt bei eis ganz grouss geschriwwen an dofir steet d'Nohaltegkeet an d'Ethik bei Akabo am Fokus. Eis Kleeder ginn nohalteg an ethesch an Indien hiergestallt. Mir importéieren direkt aus Indien, ouni Tëschenhändler, a besichen eis Produzenten a Partner reegelméisseg op der Plaz. Eis Approche ass 100% transparent. Mir kennen déi ganz Liwwerkette vun eise Produiten a kënnen esou garantéieren, datt se a fairen an ëmweltfrëndleche Konditioune produzéiert ginn.

www.akabo.lu







Eis T-Shirten, Poloen oder Sweatshirten si Fairtrade- a GOTS-certifiéiert, dat heescht si respektéieren ethesch an ëmweltfrëndlech Krittären. Mir schaffen nëmme mat Biokotteng, deen ouni Pestiziden ugebaut gëtt. Bei eis gëtt et a Saache Qualitéit an Ethik also kee Kompromëss. Akabo proposéiert lech also net nëmme personaliséierbar B2B-Kleeder, déi gutt ausgesinn, mee déi och Guddes maachen.

Akabo steet fir Fair Fashion an dofir sinn all eis Produite Fairtrade- a GOTS-certifiéiert. Nëmmen esou kënnen héich nohalteg an ethesch Standarde garantéiert ginn.

AKABO · FAIR FASHION · LUXEMBOURG ·

## Fairtrade-Zertifikatioun

garantéiert gerecht Aarbechtsbedéngungen an eng fair Entlounung fir d'Aarbechter.innen an Entwécklungs- a Schwellelänner. Produite mam Fairtrade-Label ënnerstëtzen d'nohalteg Entwécklung an den Asaz géint d'Aarmut. Fair Handelspraktiken ënnerstëtze Klengbaueren a verbesseren esou d'Ëmweltstandarden. D'Verbraucher, déi Fairtrade-Produite wielen, droen also aktiv zur Verbesserung vun de globalen Aarbechtsbedéngunge bäi.

## Global Organic Textile Standard-Zertifikatioun

ass en internationale Label, deen héchst Standarden an der Textil-produktioun garantéiert. Et ginn nëmme biologesch ugebaut Materialien ouni Pestiziden oder aner schiedlech Chemikalie benotzt. GOTS-certifiéiert Produite sinn ëmweltfrëndlech, sozial verantwortlech a ginn de Verbraucher d'Gewëssheet, datt si en nohaltegen an ethesche Produit wielen.

www.akabo.lu

# B2B TEXTILES

Mat Akabo gestalt Dir ganz individuell d'Kleeder fir Äre Betrib oder Organisatioun. Mir proposéieren Iech vill verschidden héichwäerteg Textilproduiten, dorënner T-Shirten, Poloen a Sweatshirten, déi de strenge Standarde vum GOTS- a Fairtrade-Label gerecht ginn.

Investéiert an héichwäerteg, personaliséiert Aarbechtskleedung, déi net nëmmen Ären Image stäerkt, mee sech och positiv op d'Nohaltegkeet an d'Ethik an der Textilindustrie auswierkt. Mir ënnerstëtzen Iech gär beim Design vun Ärem Projet.








# Your Fairtrade personalisized B2B Textiles from Luxembourg

Als B2B-Ubidder, versti mir d´Bedeitung vu personaliséierter a personaliséierbarer Kleedung fir d´Betriber an d´Organisatiounen. Dofir proposéiere mir lech net nëmmen éischtklasseg Produiten, mee och en zouverlässegen a schnellen Service, fir Är individuell Ufuerderungen ze erfëllen.

FAIRTRADE
COTTON

GLOBAL ORGANIC TEXTILE STANDARD · GOTS ·

Mir flockéieren oder brodéieren Äre Firmelogo, Slogan oder individuellen Design op d´Kleeder, fir esou e professionellt an eenheetlecht Bild vun Ärer Entreprise ze schafen, dat mat enger Mindestbestellquantitéit vun 150 Unitéiten. Duerch d´Benotze vu GOTS- a Fairtrade-certifiéiertem Material kënnt Dir sécher sinn, datt Är Aarbechtskleedung net nëmme qualitativ héichwäerteg ass, mee och ethesch an ëmwelt-gerecht produzéiert gouf.




Infos in EN & FR

AKABO

FAIR FASHION


**KAREL LAMBERT**

T. +352 661 801 259

M. info@akabo.lu


FAIRTRADE COTTON

GLOBAL ORGANIC TEXTILE STANDARD · GOTS ·

www.akabo.lu